N° 7666
Entrée le 24.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.02.2023

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24. Februar 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.

Den Koalitiounsaccord 2018-2023 geséit fir, datt déi besteeënd Lacunnen am Glasfaserreseau opgeschafft ginn, fir datt en Internetaccès duerch Kabeluschloss mat ganz héijer Leeschtung ("ultra haut débit") am ganze Land ugebuede ka ginn. Aktuell, en Februar 2023, ass um Internetsite vun der Post ze liesen dat iwwert 70% vun de Menagen zu Lëtzebuerg un de Glasfaserreseau ugebonne sinn. Am Aktiounsplang fir digital Inklusion (2021) ass ze liesen, dass 12% vum Land nach net un de Breitbandkabel ugeschloss sinn. An dem Kontext wéilte mir follgend Froen un den Minister fir Kommunikatioun a Medien stellen:

- Wei ass den aktuelle Stand vun der Installatioun vum Glasfaserreseau am Land? Ginn et spezifesch Regiounen, respektiv Gemengen, déi manner gutt verbonne sinn?
- Wäert d'Zil, dat ganzt Land un den Glasfaserreseau ze verbannen, bis Enn vun der Legislaturperiod realiséiert sinn? Wa net, wat sinn d'Grënn firwat dësen Objektiv net kann erreecht ginn?
- Bis wéini ass virauszegesinn, datt 100% vun den Menagen Accès op den Glasfaserreseau hunn?
- Wat ass den Pourcentage vun den Entreprisen déi aktuell um Glasfaserreseau ugebonne sinn?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

Lydia Mutsch
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu